



N° 5573  
Reçue le 25.01.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 25.01.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/01/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Mam Gesetz vum 20te Januar 2022 gouf, wat d'Konditiounen ugeet, wat de Besëtz an d'Notzung vu Waffnen berëfft, nogebessert. Verschidde Proposen aus dem Originaltext goufen allerdéngs net an dat schlussendlecht Gesetz iwwerholl. Esou zum Beispill eng Erhéijung vum Mindestalter fir d'Notzung vu Waffnen. Kanner ab 11 Joer kënnen mam neie Gesetz elo Sportswaffnen notzen. Ee Waffeschäi kann ab 16 Joer ugefrot ginn.

Op der anerer Säit ginn et verschidde Videospiller, oft First-Person-Shooter, wou de Spiller ka mat Waffnen op Saachen, Mënschen oder Déiere schéissen. Dës Spiller sinn oft eréischt ab 16 respektiv ab 18 Joer zougelooss.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit d'Ministesch d'Proportionalitéit tëscht dem digitalen Asaz vu Waffnen an dem Realen? Misste fir den Asaz vu Waffnen net mindestens grad esou streng Reegelen gëlle wéi fir d'Notzung vu verschiddene sougenannte First-Person-Shooter-Videospiller?
2. Wäert d'Waffengesetz een Impakt op d'Alterslimitte vun de Videospiller hunn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)